

# Rapport 5/24 vun der Sportskommissioun

Reunioun vum 02.07.2024 um 18:00 am Sall vum Gemengerot zu Téinten

## Presenzen

Member	Present	Entschëllegt	Net entschëllegt
Arendt Benoît	X		
Bausch Pele			X
(Brosius Thierry)		Net méi an der Kommissioun	
Everad Thierry	X		
Kieffer Aloyse	X		
Lesch-Fanck Laure		X	
Lucas Patrick	X		
Mathias Heike		X	
Meyer Louis		X	
Reding Sam	X		
Reuter Pierre	X		

## Punkt 1: Dagesuerdnung

Op der Dagesuerdnung stoungen follgend Punkten:

- Schnuppercours (Dëschtennis, Danzcours an eventuell Paraolympics)
- Mail un de Schäfferot (Laftreff, Yoga, etc. + Fitness)
- Divers

## Punkt 2: Rapport vun der leschter Reunioun

De Rapport vun der leschter Reunioun gëtt unanime vun de Memberen ugeholl.

### Punkt 3: Schnuppercours'en am Hierscht 2024

D'Sportskommissioun hat d'Verrieder vum Dëschtennis Recken a vum Danz Veräin Bëschdref (Standard an Latäin) an d'Reunioun invitéiert en Vue fir mat hinnen Schnuppercours'en am Hierscht unzebidden. D'Cours'en géifen vun Mëtt September bis Mëtt Dezember 2024 goen an der Hal um Campus Helperknapp. An der Vakanz wäire just Cours 'en wann och Interesse vun de Leit do ass. D'Kommissioun huet den Dag no der Versammlung ee Mail un d'Gemeng geschriwwen fir den Accord vum Schäfferot ze kréien an fir d'Hal respektive d'Säll ze reservéieren

Hei d'Detailer:

- **Danz Veräin Bëschdref:**  
Dëschdes 19:00 -20:30  
Am léifsten an der grousser Hal (1/3 vun der Hal wann néideg) oder am Multisall mat de Spigelen.  
D'Leit sollen sech am viraus umellen dat ee weess mat wéi vill Leit ee rechnen kann.  
Den Mindestalter ass 10 Joer.
- **Dëschtennis Recken:**  
Mëttwochs 17:30 – 19:00 fir d'Kanner ab 6 Joer  
19:00 – 20:30 fir déi Erwuessen  
Dofir gëtt ee Multisall gebraucht.  
Gespillt gëtt op e puer Dëscher jee no Undrang.  
Eng Virumeldung ass net néideg.
- **Reklamm** soll a béide Fäll änlech wéi bei eisen éischten Schnuppercours'en (Indiaca, Yoga an Laftreff) iwwer de Buet, d'sozial Medien, Plakater an iwwer de Site an d'App vun der Gemeng gemaach ginn. Béid Veräiner hu schonn Material fir ee Flyer un eise President geschéckt deen dat weiderginn huet un de Service Communication vun der Gemeng sou dat eng éischt Reklamm schonn am nächste Buet erschénge soll (Stéchdatum ass den 10 Juli, 12:00 !!!).
- Den **Devis** fir déi zwee Cours 'en ass un d'Gemeng geschéckt ginn. Zesummen mam Devis vun den éischten Schnuppercours'en dierft de Budget fir d'Sportskommissioun fir dëst Joer agehalen ginn. D'Gemeng huet méttlerweil den Accord ginn sou laang dat de Budget agehal gëtt.

D'Kommissioun ass sech bewosst, dat de Stéchdatum fir d'Reklamm am Buet relativ enk ass an dat och e bëssen Aarbecht op de Service Communication duerkënnt fir d'Flyer'en ze gestalten.

## Punkt 4: Schnuppercours'en Fréijoer 2024 an Ausbléck 2025

D'Schnuppercours'en Indiac, Yoga an Laftreff kommen esou lues op een Enn. **Am Resumé kann ee festhalen, dat déi 3 Cours'en vill Zousproch haten an ee grouse Succès souwuel fir d'Leit wéi och fir déi Responsabel waren.** Den Laftreff "leeft" nach e bëssen iwwert d'Vakanzewochen weider.

### Weider Cours'en 2025

D'Kommissioun sammelt momentan schonn Iddien fir weider Schnuppercours'en och d'nächst Joer ubidden ze kënnen:

- Special Olympics (Everad Thierry)
- Volley-Ball vu Bissen an Luerenzweiler (Everad Thierry)
- "Functional Training" (fesses, abdos et cuisses) vum Leandro: Hien hat schonn virun Joren mat vill Succès esou ee Cours zu Tënten ugebueden. De Pierre steet am Kontakt mam Leandro.

Dëse Sujet wäert um Enn vum Joer erëm opgeholl ginn.

## Punkt 5: Verschiddenes

1. Den Datum vun der **Nuit du Sport 2025** ass och scho bekannt: 14 Juni 2025. Eng Infoversammlung soll am Hierscht stattfannen.
2. **Journée internationale du sport féminin** den 24.01.25: Ziel soll sinn Evenementer unzebidden deen den weiblech Sport ënnerstëtze soll. Eng Infoversammlung soll den 18.09.24 stattfannen. De Sujet ass an der Reunioun ugeschwat ginn ouni dat konkret Virschléi konnte gemaach ginn.
3. **Fitnessparcours:** De Schäfferot freet hei d' Kommissioun fir een Avis. Et sinn zwee Fitnessparcoursen an der Gemeng geplangt. D' Fro ass wéi déi Parcoursen kéinten ausgesinn. D'Sportskommissioun huet méttlerweil de Plang fir de Fitnessparcours zu Tënten kritt an an der Versammlung diskutéiert. Leider sinn eng helle Wull u Froen opkomm. De Pierre mécht ee Mail un d'Gemeng fir dës Froen ze klären.
4. D'Gemeng huet proposéiert e puer **Gadgeten** ze beschafen, déi extra bei sportlechen Evenementer verdeelt kenne ginn wéi zum Beispill Tricot'en, Bidon'en mam Logo Helperknapp ... D'Sportskommissioun begréisst déi Initiative a freet sech méi Detailer ze kréien. D'Commission des relations publiques sollt hei och agebonn ginn.

Nächst Reunioun steet nach net fest. Den Benoît schéckt eis nach Proposen.

Pierre Reuter

Sekretär Sportskommissioun